



REÇU
Par Alf Christian, 07:39, 28/01/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 27. Januar 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch betreffend den europäesche Parquet weiderzeleeden.

An engem Reportage um Radio 100,7 gouf haut de Moien duergeluecht, dass et alles anescht wéi sécher wier, dass den europäesche Parquet mat Sätz zu Lëtzebuerg den 1. Mäerz 2021 seng Aarbechten kéint ophuelen. Et ass zum Beispill drop higewise ginn, dass um Niveau vum Rekrutement ëmmer nach géif no qualifiziertem Personal gesicht ginn. Och d'EU-Memberstaaten hätten nach net all hir delegéierte Procureure genannt. Eist Land, dat sech ëmmer staark gemaach huet fir de Sätz vun dëser EU-Institutioun heihinner ze kréien, hätt och seng 2 Delegéiert nach net bestëmmt.

Well der EU all Joers wäit iwver 400 Milliounen Euro duerch Korruptioun verluer ginn an d'Fraude bei der TVA op 40 bis 60 Milliarden Euro d'Joer geschat gëtt, ass et eminent wichteg, dass den europäesche Parquet endlech ufänke ka mat schaffen. Och déi Lëtzebuenger Regierung ass gefuerdert fir hir Stëmm an den EU-Gremien kloer zum Ausdrock ze bréngen am Sënn vun engem staarken europäesche Parquet.

Mir wéilten duerfir folgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen :

- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass den europäesche Parquet seng Aarbechten den 1. Mäerz 2021 ophuele kann ?
- Kann d'Madamm Ministesch eis matdeelen firwat Lëtzebuerg seng delegéierte Procureuren nach net genannt huet ? Kann d'Madamm Ministesch eis erklären wéi dës Nominatiounen am konkreten oflafen ? Wien decidéiert zu Lëtzebuerg wéi eng Persounen genannt ginn ?
- Ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Glawierdegkeet vum europäesche Parquet mat Standuert zu Lëtzebuerg duerch déi aktuell Verspéidungen a Saache Rekrutement an Ernennung vun den Delegéierten a Fro gestalt gëtt ? Wéi gedenkt déi Lëtzebuenger Regierung deem Androck entgéint ze wierken ?

Mat déifstem Respekt,

Viviane Reding
Deputéiert

Diane Aehm
Deputéiert



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 28 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3521 du 27.01.2021 de Madame la Députée Diane Aehm et de
Madame la Députée Viviane Reding - Parquet européen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin
que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés